LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Gemeinsam Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister, vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister a vum Här Georges Engel, Minister fir Aarbescht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, op d'parlamentaresch Fro N° 6116 vum 28ten Abrëll 2022 vum Här Deputéierten Fred Keup zum Sujet « Secteur de l'imprimerie »**

1) Wéi vill Leit schaffen nach an der Dréckerei, déi elo zougemaach gëtt? Wat geschitt mat hinnen? Kréie si déi nämmlecht Konditioune wéi d'Mataarbechter vum Groupe Saint-Paul, déi mat deem leschte Sozialplang hir Plaz verluer hunn?

   Laut Mediahuis Luxembourg sinn 26 Persounen betraff, mat deenen elo Gespréicher gefouert ginn fir Solutiounen ze fannen. 2020 gouf laut Mediahuis Luxembourg keng Eenegung mat der Gewerkschaft op e Sozialplang fonnt.

2) Wierkt d'Zoumaache vun der Dréckerei sech op d'Berechne vun der Pressehëllef aus?

   D'Zoumaache vun der Dréckerei wierkt sech net op d'Berechne vun der Pressehëllef aus. De Montant vun der Pressehëllef gëtt iwwert d'Unzuel vun de professionelle Journaliste bestëmmt.

3) Wär an der Retrospektiv eng Pressehëllef op Grond vun den héijen techneschen Investitioune vun den Zeitungen an de leschte Joerzéngten net méi sënnvoll gewiescht wéi d'Berechnung vun de redaktionnellen Inhalter?

   Bis Mëtt August 2021 gouf d'Pressehëllef mat Hëllef vun engem sougenannten „montant annuel de référence" berechent, deen de Pabeierpräis fir d'Zeitungen mat a Betruecht geholl huet. Duerch d'*Loi du 30 juillet 2021 relative à un régime d'aides en faveur du journalisme professionnel* gëtt exklusiv de professionelle Journalist als Referenz geholl, fir d'Héicht vun der Pressehëllef op eng technologieneutral Manéier ze bestëmmen.

4) Wéi autark ass de Lëtzebuerger Dréckereismaart nach? Fir wat fir Dréckarbechten (Zeitungsproduktioun, Buchdrock ...) fanne sech keng Ubidder méi zu Lëtzebuerg?

   Der Regierung leie keng Informatiounen vir, op d'Ubidder fir Dréckarbechtechten genuch Capacitéiten hunn, fir déi gesamt Zeitungsproduktioun an de Buchdrock ofzedecken. Dëst sinn kommerziell Froen, déi just déi concernéiert Betriber beäntweren kënnen.

5) Wat fir Beruffer aus dem Dréckereiwiese ginn nach zu Lëtzebuerg geléiert?

   Laut dem *Règlement grand-ducal du 6 août 2021 déterminant les professions et métiers dans le cadre de la formation professionnelle* sinn dës 4 Beruffer méiglech :

1.Relieur
2.Imprimeur
3.Sérigraphe
4. Créateur de médias digitaux et imprimés

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2022

De Kommunikatiouns - a Medieminister

(s.) Xavier Bettel